LU

# Gitt mat eis!

**MOBILITÉITSWOCH 2019**
**BEETEBUERG**



**Vum 16. bis den 22. September 2019**

TOUR DU DUERF
Responsabel fir meng Gemeng

KlimaPakt
meng Gemeng engagéiert sech

obeler
fenneng:beetebuerg:
huncherreng
näerzeng

eis gemeng

LU

## Vun dënschdes, dem 10. September 2019 bis méindes, den 30. September 2019

### TOUR DU DUERF – ALL OP DE VËLO!

Schreift Iech an op www.tourduduerf.lu

**Organisatioun:** Klimabündnis Lëtzebuerg + Verkéiersverbond

## Dënschdes, de 17. September 2019

### VËL'OK INFOSTAND

Bréngt Är mKaart mat a schreift Iech op der Plaz an! Wann der keng mKaart hutt, kritt der eng.

Ab 15:00 Auer op der Kiercheplaz

**Organisatioun:** Gemeng Beetebuerg + CIGL Esch

---

### VERKÉIERSVERBOND INFOSTAND

Ab 15:00 Auer op der Kiercheplaz

**Organisatioun:** Gemeng Beetebuerg + Verkéiersverbond

---

### PRESENTATIOUN VUN DER „BEETEBUERGER KANNERKAART"

Ab 15:30 Auer op der Kiercheplaz

D'Maison relais (SEA) vu Beetebuerg presentéiert hir Kaart vu Kanner fir Kanner

**Organisatioun:** Gemeng Beetebuerg + Maison relais Beetebuerg

## Mëttwochs, den 18. September 2019

### PRESENTATIOUN VUM JACQUES TATI SENGEM KLASSIKER „TRAFIC"
**Sortie: 1971 - Genre: Komödie**

Sprooch: Franséisch
Dauer: 94 Minutten

Ab 19 Auer am Ciné le Paris

## Samschdes, den 21.September 2019

### REPAIR CAFÉ MAT BIKE REPAIR AM JACQUINOTSGAART

Fräiwëlleg Reparateuren hëllefen Iech alles ze flécken, wat net méi geet. Flécken an deene Géigestänn en zweet Liewen ze ginn, ass gutt fir de Portmonni an och fir d'Ëmwelt!

Vu 14:00 bis 18:00 Auer

**Organisatioun:** Gemeng Beetebuerg + CELL + Transition Minett + VëLokal

---

### VËLOSOCCASIOUNSMAART AM JACQUINOTSGAART

Expo a Verkaf vu Vëloen

Vu 14:00 bis 18:00 Auer

D'Aschreiwung ass obligatoresch bis freides, den 20. September um 12 Auer bei VëLokal um 691 464 645 oder per E-Mail op info@velokal.lu

Dir kënnt eis Äre Vëlo ab 10:00 bis 13:00 Auer am Jacquinotsgaart laanschtbréngen an e bis spéitstens 18:30 Auer ofhuelen wann en net verkaf ginn ass.

**Organisatioun:** Gemeng Beetebuerg + VëLokal

## Sonndes, den 22. September 2019

### TRËPPELTOUR VUN 12 KM ZESUMME MAT DER GEMENG RÉISER

Treffpunkt um 09:00 Auer op der Gare routière zu Beetebuerg

De Wee ass ausgeschëldert. An der Hallschent gëtt et ee klenge Ravi.

Den Trëppeltour ass net gëeegent fir Poussetten a Kutschen!

**Fir weider Informatiounen, kontaktéiert de Service écologique vun der Gemeng per Telefon um 51 80 80 – 247 oder per E-Mail op ecologie@bettembourg.lu**

**D'PARTICIPATIOUN UN DEENE VERSCHIDDENEN AKTIVITÉITEN ASS GRATIS**

